N°7904
Entrée le 23.05.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

**Äntwert vum Wunnengsbauminister op d'parlamentaresch Fro n°7904 vum 20. Abrëll 2023 vum Här Deputéierten Sven Clement betreffend d' « données concernant le logement ».**

An der Äntwert ob déi parlamentaresch Fro Nummer 7780 goufen eng Rëtsch Sujeten opgelëscht, wou et menger Meenung no intressant a wichteg wier verdéiwend Recherchen ze maachen. Dës Theme ginn och an der Fro Nummer 7904 erëm opgelëscht.

Leider sinn esouwuel déi finanziell an zäitlech Mëttel ewéi och déi allgemeng Datelag net esou, datt zu dëse Sujeten, déi u sech wichteg Recherchen, zäitno méiglech wieren.

Aktuell schafft den Observatoire dofir schwéierpunktméisseg un enge Rëtsch Etuden zu den Themen :

- Evolutioun vun der Reserve foncière
- Evolutioun vun der Konzentratioun vun der Proprietéit vun dëser Reserve
- Charakteristike vun den Eischtkeefer vu Wunnengen an hir Evolutioun an der Zäit
- Grënn fir den « Non-Take-Up » bei Wunnengshëllefen
- Evolutioun vum Buedem-Präis bei Vefa-Venten
- Verbrauch u Landfläch fir Wunnzwecker
- Allgemeng Wunnsituatioun a spezifesche Bedarf un Ënnerstëtzung fir Leit an ënnerschiddleche Wunnsituatiounen
- Actualiséierung zu de rezent publizéierte Studien zum Taux d'effort, dem Impakt vun fiskalen a soziale Moossnamen am Wunnberäich.

Aktuell verfüügt de Wunnengsbauministère iwwert e Budget vun 760.000 € fir de Finanzement vun de Recherche vum Observatoire de l'Habitat, déi vum Liser ëmgesat ginn, zum Deel an Zesummenaarbecht mat dem Statec. Dëse Budget ass zënter 2018 vu ronn 560.000 em 35% gehuewe ginn. Fir dës Aarbechte weider auszebaue bräicht de Ministère nieft enger zousätzlecher Dotatioun am Budget och dat néidegt wëssenschaftlecht Personal an de Beräicher Ekonomie a Sozialwëssenschaft fir déi Etuden adequat ze encadréieren.

Lëtzebuerg, den 23/05/2023.
De Wunnengsbauminister.
(s.) Henri Kox